1-2019-O-R-5810-01 (n°3188)

Dépôt: Sven CLEMENT
07.05.2020

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

1. Am Kontext vun der Coronakris gëtt d'Zuel vun den Tracing–Applikatioune weltwäit ëmmer méi grouss;
2. Contact–Tracing ass – sou laang keng Impfung existéiert – ee wichtegen Deel an enger gesamter sanitärer Strategie, déi Infektiounsketten effikass ënnerbrieche kann;
3. D'Regierung huet sech méi Moyen'e gi fir en analogen Tracing duerchzeféieren.
4. D'Recht op Privatsphär ass ee fundamentaalt Mënscherecht;
5. Iwwer 500 Wëssenschaftler hu kloer Ufuerderungen u Contact–Tracing–Applikatiounen am Contact Tracing Joint Statement vum 19. Abrëll formuléiert;
6. Reng technologesch Léisunge kënnen nëmmen een Deel vun enger gesamter sanitärer Léisung sinn;
7. Net all Mënsch huet e Smartphone;
8. Den European Data Protection Board (EDPB) den 21. Abrëll d'lignes directrices fir den Asatz vu Contact Tracing Applicatiounen publizéiert huet an dobäi d'Mindestcritèren souwéi den Appel fir Datespuersamkeet formuléiert.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung :**

- Weiderhin op den analogen Tracing ze setzen an déi néideg personell Kapazitéiten ze assuréieren;
- Ënnert kéngen Ëmstänn eng obligatoresch Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg anzeféieren;
- Just op eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zeréckzegräifen, wann den europäeschen Kontext dëst vun eisem Land verlangt;
- An desem Kontext eng Base légale ze schafen, déi genau definéiert ënnert wéi enge Konditiounen esou eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg kéint entwéckelt a genotzt ginn;
  - a) Vun Ufank un d'Prinzipien vun Dateschutz a Datespuersamkeet virzegesinn an zäitlech Begrenzungen fir d'Späicheren an d'Notze vun den Daten festzehalen;
  - b) D'Interoperabilitéit vun esou enger App mat den EU-Partner ze garantéieren déi och eng dezentral Späicherung notzen;
  - c) De Sourcecode vun enger eventueller App oppenzeleeën fir esou eng onofhängeg Analyse ze erméiglechen;

d) Keng zentral Späicherung vun Daten z'erlaben déi Persounen identifizéiere kënnen;
e) Sécherzestellen datt Donnéeën, och anonymmer, nëmmen mam explizitten Accord vum Utilisateur gedeelt kënne ginn;
f) Keng Tracing-Applikatioun zouzeloossen, déi nach aner Gesondheetsdonnéeën oder -Servicer géréiert, resp. ubitt;

Wann op eng Tracing-App zeréckgegraff géif:

- - Sech géint Diskriminéierung vu Leit anzesetzen déi d'App net wëllen oder kënnen benotzen;
- - Eng Evaluatioun vum Dateschutz, der Efficacitéit an der sanitärer Plus-value ze maachen.

Sven CLEMENT

L. MOSAR

L. Mutsch

S. ARENDT

Lorsché J.